Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl
RCS F1763 siège social: 5, rue de Limpach L-4986 SANEM
association agréée dans la protection de la nature

#fir de besch

mouvement écologique
Régionale SUD

natur&ëmwelt
Sektioun KORDALL

## PRESSEMATDEELUNG 06.07.2026

**Bëschbesichtegung vum Zämerbësch a Bobësch, klasséiert an designéiert Natura 2000-Zonen, mam Biolog Roger Schauls**

D'Hëtztwelle kommen och an eise Géigenden ëmmer méi oft, a méi kuerzen Ofstänn an dauere méi laang, esou wéi mär dat all virun enger gudder Woch selwer erlieft hunn. D'Klimakrise ass also och bei eis ukomm. Jo, mat Technik kann de Mënsch sécher kuerzfristeg villes esou gestalte wéi et him passt (portabele Ventilator, Klimaanlag etc). Bei méi grousse Problemer hëllefen déi individuell Léisungen awer net wierklech, well se net nohalteg sinn an den Impakt op déi ganz Gemeinschaft net ophiewen. Mir brauchen also kollektiv Léisungen op global Froe wéi Äerderwäermung, Drëschent an Iwwerschwemmungen. An anere Géigende vun eisem Planéit ass d'Klimakrise omnipresent, an do flüchten verzweifelt Mënschen. Arrogant wéi mer sinn, weise mir mam Fanger op d'Feeler déi di aner gemaach hunn. Dass mir am gaange sinn, déi selwecht Feeler ze maachen, entgéint besserem Wëssen, well d'Klimafuerscher hunn eis scho laang gewarnt an d'Zenarien virgezeechent, dat gesinn der vill, vill ze vill, leider nach ëmmer net.

Viru 4 Joer huet e Grupp jonk Aktivist.inn.en, mat der Ënnerstëtzung vun der BIGS, dem Mouveco régionale sud an der natur&ëmwelt Gemeng Suessem (haut Sektioun Kordall) e Camping for furture an déi 1., a bis elo déi eenzeg, Bëschbesetzung am Bobësch organiséiert an duerchgezunn. Vläit erënnert der iech.

Hei soll nach ëmmer e Contournement duerch eng europäesch geschützten an deklaréiert Natura 2000 Zon (Zämerbësch a Bobësch) fueren an wäertvollen, alen a gesonde Bësch einfach zerschneiden. Duerch den direkten Effet an den Effet lisière (Folgeschued) géingen ëmgerechent eng Fläch vu ronn 20 ha (28 Fussballsterraine) zerstéiert ginn. Dat si net einfach nëmme Beem ma e ganze Liewensraum fir Fauna a Flora, e natierleche Loftfilter, en CO2-Späicher, e Waasserspäicher, e natierlechen Temperaturregeler (Klimaanlag) an eng Erosiounsbrems bei Wand, Stuerm, Reen an Héichwaasser, déi des Funktiounen dann net méi kennen erfëllen.

Et ass erstaunlech, a net nozevollzéien, firwat mat den Erkenntnisser vun haut nach u Bauprojete, déi schonn an de 70ger Joren developpéiert goufen, mordicus festgehale gëtt. Och an senger neister Variant an Argumentatioun (Kordall-etude, contournement de proximité, etc…) ass de Projet weder kohärent nach logesch, ma voller Widdersprech a konträr zu den deklaréierte Klimaziler, Fërdere vun der doucer Mobilitéit, Reduzéierung vum Individualverkéier a Fërdere vum Ëffentlechen Transport. An Zäite vu Klimakrise, Verloscht vun der Biodiversitéit soll also nees, wéi fréier, e wäertvolle Bësch duerch eng nei Strooss vu 4 km dem Individualverkéier Plaz maachen.

Wat e gesonde Bësch alles leescht a fir Mënsch, Fauna&Flora a fir d'Villfalt bedeit kennt der bei der Bëschwanderung mam Biolog Roger Schauls mat alle Sënner, selwer erliewen.

Gewosst ass, dass de Bësch, als Biotop net ze kompenséieren ass, an de Schued fir déi kommend Generatiounen ass net méi tragbar an onverantwortlech. E Planéit B gëtt et net, a wäert et och net an Zukunft ginn!

Des Invitatioun, déi och un an all responsabel Mënschen, u Politiker.innen, un déi di Decisiounen huele geriicht ass, gëllt als Appell un de gesonde Mënscheverstand an als Opruff d'Zerstéierung vun de Bëscher ze stoppen, an aner, méi zäitgeméiss Léisunge vir d'Verkéiersproblematik ze fannen. Et gëtt Alternativen an déi sollten endlech consideréiert ginn !

#Bobibleift #Zämibleift #keeContournement

R-V de Samschdeg, 11. Juli 2026 vun 10:00-12:00, Entrée Bobësch, 3 min vun der Gare Suessem/Käerjeng.

Organisateurs: Biergerinitiative Gemeng Suessem asbl, Mouvement écologique, régionale sud, natur&ëmwelt Sektioun Kordall.